9/18
De Conter Expresso
CSV

# Léif Biergerinnen a Bierger,

No gutt 8 Méint an der Verantwortung an d'Aschaffen an déi sëllechen Dossier'en déi mir virfonnt hunn, wëll d'CSV-Conter hier Bierger iwwert den aktuelle Stand informéieren. Hei fir d'éischt mol d'Projéen déi mir geierft hunn am Detail:



**Veräinsbau zu Éiter**

Baustopp vum viregte Buergermeeschter, dëst nodeems Problemer mat der Baugeneemegung an de Besëtzverhältnesser opgetaucht sinn.
Devis: 2.879.285,26 €

De reelle Käschtepunkt beleeft sech bis elo op 419.865,33 € fir éischt Aarbechten, den Architekt an d'Ofstäipen vun der Strooss mat Betonspillieren.



**Henkeshaus**

Devis 1.147.695,02 €, 1. Devis suppl.: 203.008,19 € wéinst Asbestbelaaschtung; 2. Devis suppl.: 1.093.367,99 € wéinst zousätzlechen Aarbechten an Installatiounen; Total: 2.444.071,20 €

Et hun also missen 1.296.376,18 € zum ursprünglechen Devis nogestëmmt ginn fir ronn e Joër méi spéit wéi geplangt déi éischt Phase eenegermoossen fäerdeg ze kréien.

An der 1. Phase bleiwen awer nach Aarbechten déi mat weidere Käschte verbonne sinn, fir dat deen Deel iwwerhaapt ka korrekt genotzt ginn.



**Gemengenhaus**

Devis: 1.994.107,36 €
Käschtepunkt bis elo: 3.488.602,73 €

Do ass ze bemierken dat en Deel vum Gebai mol net géint Andrénge vu Waasser ofgeséchert ass an d'Klimaverhältnesser am Gebäi grad am Summer fir d'Personal an d'Visiteuren einfach onerträglech sinn.



**Fussballsterrain**

Devis: 518.811,55 € fir d'Vestiairen plus 940.769,33 € fir de syntheteschen Terrain; Total: 1.459.580,88 €
Käschtepunkt bis elo: 1.644.744,08 € (+ 185.263,20)



**Ënnerstand um Fëscherweier**

Devis: Et ass weder en Devis ginn nach en Optrag vum Schäfferot.
Käschtepunkt: 18.207,60 €

Dobäi gouf et keng Geneemegung weder vun der Gemeng nach vum Ministère de l'Environnement fir dëse Projet. Dësen Ënnerstand muss deemno erëm ewechgerappt ginn.



**Pétanquespiste rue Belle-Vue**

Devis: Et ass weder en Devis gemaach ginn nach ass et am Gemengerot geneemegt ginn.
Käschtepunkt **bis elo**: 74.6767,28 €

Et gëtt also och kee Budget fir dëst ze bezuelen an d'Aarbechten sin net ofgeschloss.




**Véier Appartementer sollt d'Gemeng kréien als Tosch géint den Terrain mam Gebai vun Triofalux (nieft der aller Schoul zu Conter).**

Sou waren op alle Fall d'Informatiounen déi mir deemols als Oppositioun kritt hunn.

Elo hu mir misse feststellen, dass dat guer net stëmmt.

D'Gemeng kritt just d'Fläch vu 4er Appartementer awer de Bau mam Käschtepunkt **vun 1,4 Milliounen muss d'Gemeng selwer bezuelen**.

Och des Konventioun ass ni duerch de Gemengerot gaangen, geschweigs dann dunn gestëmmt ginn.



Da war jo och nach e **Pompjeesbau** geplangt (op engem Terrain deen der Gemeng nach guer net gehéiert), deen **3,5 Milliounen** sollt kaschten, reell awer sécher **e puer Milliounen méi géif kaschten**, wann en no de bestoende Pläng géif gebaut ginn. Duerch déi aktuell Finanzsituatioun kann dese Projet leider net direkt realiséiert ginn.

**D'Plaz virum CC zu Méideng** ass bal duebel esou deier ginn wéi se am Gemengerot gestemmt gi war.

D'Gemeng huet also bis haut missen **5.605.974,96 €** méi bezuele wéi geplangt, respektiv genehmegt.

Mir wëllen hei net alles op der Place publique zerrieden – mir kennen iech awer des wichteg Informatiounen net virenthalen, well si si reell.

Mir als CSV-LSAP-Koalitioun hun an de läschten 8 Méint awer och no vir gekuckt. Eis Koalitioun huet nieft dem direkten Intervenéieren op Ufroen vun eisen Bierger, a sëlleche Schäfferéit folgend Projeten ausgeschafft, déi an de kommende Méint a Joeren no an no sollen ëmgesat ginn:

- Déi lafend Chantieren fäerdeg maachen
- Erëm e neie Multisportsterrain zu Mutfert bauen
- D'Parkplaz zu Mutfert am Park nei maachen
- Un eisen Duerfkären plangen (Shared – Space)
- ganz besonnesch u Léisungen schaffen fir dee ville Verkéier an de Gréff ze kréien



- feelend Bushaiserchер no a no opriichten
- Verkéiersberouegend Moossnamen ausschaffen
- D'Beliichtung ronderëm d'Centre Culturellen flécken oder erneieren

Eis Lescht ass ganz laang an d'Koalitiounsofkommes kënnt dir am Detail um Internetsite vun der CSV-Conter **conter.csv.lu** noliesen.

Mir wëssen, dass net alles ka matеneen ëmgesat ginn wat mir eis virgeholl hunn – et wäerten awer an deene nächste Joren sécherlech e ganze Koup vun eise Verspriechen ageléist an ëmgesat ginn.

**Léif Bierger a Biergerinnen,**

d'CSV-Conter zielt op Iech – wann Dir eppes um Häerz hutt, wann Dir Saachen déi net si wéi se sollen sinn, dann deelt eis se roueg mat.

Dir begéint eis bal iwwerall a mir wäerten och weiderhin en oppent Ouer fir Är Suergen hun.

Nach eng Kéier e grousse MERCI fir Äert Vertrauen! Mir wäerten Iech sécher net enttäuschen.

*Äer CSV-Conter*

---



## Nei Anlagen fir den FC U.S. Moutfort-Medingen

No en ettleche Méint kann eise Fussballverein elo op engem komplett renovéierten Terrain spillen.

Mir freeën eis mat hinnen dat dee Projet konnt erfollegreich ofgeschloss ginn a si elo ënnert optimale Konditiounen besonnësch fir hier Jugendspiller hierem Sport nogoë kënnen. Dat gëlt och fir d'Sanitäranlagen déi vergréissert an de modernen Erfuerdernissen ugepasst gi sinn.

Mir wënschen eise Fusballisten vill Freed a vill Succèsen mat hieren neien Anlagen.

## Grasschnitt- und Heckenschnitt-container für alle Dörfer unserer Gemeinde




Bedingt durch ein neues Gesetz der aktuellen Regierung wurde das Verbrennen von Gartenabfällen und Hecken, sowie Grünschnitt jeder Art verboten.

Den Bürgern in der Gemeinde Contern wurde bis vor Kurzem jedoch nur in zwei Dörfern, Moutfort und Contern, eine Entsorgungshilfe angeboten.


Seit dem Frühjahr 2018 stehen nun in allen Dörfern der Gemeinde Contern je ein Grasschnitt- sowie ein Heckenschnittcontainer zur Verfügung. Auch besteht weiter die Möglichkeit eines Holdienstes seitens der Gemeinde.

## Kannerfrëndlech a sécher Spillplaze fir eis Jugend

Spillplazen sin eng wichteg Ariichtung fir eis Kanner. Do kënne si en Deel vun hierer Fräizeit verbrengen. Wichteg ass dat si ëmmer rëm a Stand gesat oder souguer komplett erneiert gin. Dëst ass fir d'lescht zu Conter op der lëtzebuerger Strooss geschidd.

Mir begréissen dat weider Plazen deemnächst wäerten nei equipéiert oder restauréiert gin. Selbstverständlech soll d'Secherheet an d'Hygiène garantéiert sin an dowéinst sin och nei Schëlter op deenen entspriechende Plazen ubruecht gin.






# Sektorielle Leitpläne, Verkehrsaufkommen, Gemeindeentwicklung

## Verkehrsaufkommen und Gemeindeentwicklung im Rahmen der sektoriellen Leitpläne.

Vorab begrüßt die CSV-Conter die vorgenommenen Änderungen betreffend die Gemeinde Contern bezüglich der in der ersten Auflage vorgesehenen „Zones prioritaires d'habitation". Die große Protestaktion vor 4 Jahren trug ihre Früchte und der westliche Teil wurde komplett fallen gelassen.

Die Entwicklung der Gemeinde ist sicher nicht aufzuhalten, doch soll dafür gesorgt werden diese in geregelten Bahnen zu halten. Mit einem vorhersehbaren Bevölkerungszuwachs von etwa 1 500 Einwohnern in den kommenden sechs Jahren gehen unausweichliche Infrastrukturarbeiten einher. Wasser- und Abwassernetze müssen ausgebaut werden, neue Straßen und Wege eingerichtet und unterhalten werden, Freizeitinfrastrukturen erweitert und zusätzlicher Schulraum geschaffen werden.

Hinzu kommt die Entwicklung in den verschiedenen kommunalen und nationalen Industrie- und Aktivitätszonen in unserer Gemeinde mit zunehmenden Beschäftigten und einem spürbaren weiteren Verkehrsaufkommen.

Mit den zahlreichen neuen Arbeitsplätzen, welche zusätzlich in den nächsten Monaten und Jahren allein auf dem Gebiet der Hauptstadt geschaffen werden, ist – trotz aller Anstrengungen im Bereich des öffentlichen Transportes – ein Zusammenbruch des Verkehrs auch in unserer Gemeinde mit mehreren Zufahrtsstraßen zum Zentrum, besonders während der täglichen Stoßzeiten, wohl nicht mehr abzuwenden.

Daher sollte unser Vorschlag einer direkten Anbindung des Industriegebietes Contern an die A1 ohne Aufschub in Angriff benommen werden. Die bei der Neuauflage der Sektoriellen Pläne erst in einigen Jahren angedachte „Lösung" über den „Scheedhaff" wird keine reelle Entlastung bringen. Es nützt definitiv nichts die Augen vor einer unausbleiblichen Entwicklung zu verschließen, beziehungsweise die notwendigen Ausführungen auf Jahre hinauszuschieben und unsere Einwohner einer unerträglichen und gesundheitsschädigenden Situation auszusetzen.

Aus diesem Grund unterstützen wir als begleitende Maßnahme ebenfalls die (im Koalitionsabkommen festgehaltene) baldmöglichste Einrichtung sogenannter „Shared Spaces" in allen unseren Ortschaften. Mit einem hierdurch geschaffenen Erschweren des Durchgangsverkehrs bei gleichzeitigen Umgehungs- und Entlastungsstraßen kann die Lebensqualität unserer Einwohner wesentlich erhöht werden.



# Multisportanlag zu Moutfort

Nodeems zu Moutfort wéinst verschiddene Chantieren de „Multisportterrain" huet missen ofgebaut ginn, sollt deen sou schnell wéi méiglech op enger neier Plaz rëm a senger ursprünglecher Form installéiert gin.

Et ass gudd dat deemnächst dës Anlag rëm am Zentrum vum Duerf installéiert gëtt an sou wéi an deenen aneren Dierfer ka genotzt gin.



**Vincent Reding**
- 25 Joer, Weiler-la-Tour
- net bestued
- Studéierte Kriminolog
- Schäffen an der Gemeng Weiler-la-Tour

**Marion Braquet, épouse Zovilé**
- 57 Joer, Conter
- bestued a Mamm vu 4 Kanner
- Beamten am Sportsministère
- Buergermeeschter vun der Gemeng Conter

**Simone Massard-Stitz**
- 54 Joer, Sandweiler
- bestued a Mamm vu 2 Kanner
- Infirmière diplômée
- Buergermeeschter vun der Gemeng Sandweiler

**Fred Ternes**
- 31 Joer, Nidderaanven
- bestued, Papp vun engem Meedchen
- Chargé de formation um Institut de Formation de l'Éducation Nationale (IFEN)
- Schäffen an der Gemeng Nidderaanwen

# Die Vertreter des Syrtales auf der CSV-Liste

Wir zählen auf Sie, dass sie am 14. Oktober diesen vier Kandidaten Ihre Stimme geben.

Im Oktober 2018 finden Parlamentswahlen in Luxemburg statt, wo es gilt die bestmöglichen Kandidaten zu bestimmen um unser Land während der nächsten 5 Jahre zu führen.

Das obere Syrtal von Weiler bis nach Niederanven hat sich bereits vor Jahrzehnten innerhalb des SIAS-Syndikates zu einer gewissen Einheit zusammengetan und ist mit rund 20.000 Einwohnern am südöstlichen Rand der Hauptstadt eine aufstrebende Region mit allen dazugehörenden Komponenten. Geschäfts-, Industrie-, und Wohngebiete stellen große Herausforderungen an die Verantwortlichen, nicht zuletzt um diese in Einklang mit einer bislang noch bestehenden intakten Natur zu bringen und ein bislang noch lebenswertes Umfeld zu erhalten.

Neben den zwei wichtigen Naturschutzgebieten „Schlammwiss" und „Aarnescht" sowie einem großen ausgewiesenen „Natura 2000"-Areal stellt die Verkehrsproblematik mit zig-tausenden täg- lichen Bewegungen die Verantwortlichen vor große Herausforderungen. Es ist deshalb wichtig bei den kommenden Kammerwahlen zahlreiche gute Vertreter aus unserer Region zu wählen. Die CSV hat mit vier unterschiedlichen und kompetenten Kandidaten aus dem Syrtal eine besonders gute Wahl getroffen.


**Impressum**

CSV – Chrëschtlech Sozial Vollekspartei
„De Conter Expresso" erscheint unter der Verantwortung der CSV-Conter.

Weitere Informationen:
info@csv-conter.lu Facebook: CSV Conter
Auflage 2018: 1750 Exemplare


CSV Conter © 2018